N°709
Entrée le 08.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.05.2024

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus weiderzeleeden:

*„Am éischte Quartal vun dësem Joer ass de Bréifverkéier bei der däitscher Post ëm 6,6% zréckgaang. D'Verschécke vu Päck ass dogéint ëm 4,4% geklomm. Dës Entwécklung erkläert sech haaptsächlech duerch de Prozess vun der Digitaliséierung.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus follgend Froe stellen:*

*1. Wéi huet sech de Bréifverkéier hei am Land zanter 2020 entwéckelt?*

*2. Huet den Här Minister och Informatiounen iwwer d'Entwécklung vun der Unzuel u Päck?*

*3. Wéi vill verschidde Firme sinn hei zu Lëtzebuerg am Bréif- a Päckgeschäft aktiv? Wat sinn hir respektiv Maartundeeler?*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Carole HARTMANN
Deputéiert